

# d' Peffermillen

De Koschter kënnt nët derlaanscht fier den amerikaneschen Uerdensschwëstere den Hutt ofzedin. Wien hätt geduecht, daß grad sie de Courage hätten, öffentlech géint Jean-Paul II. säin Antifeminismus ze protestéieren. D'Schwester Theresa Kane huet him als aktuell Presidentin vun de Frankongregationen an den USA riicht eweg gesot: *"Je vous demande avec insistance de prendre en compte la souffrance et les peines de beaucoup de femmes américaines et d'écouter avec compassion les revendications des femmes, qui représentent la moitié de l'humanité. Vous avez parlé de la dignité de la personne, et cela s'applique aussi aux femmes dans l'Eglise. Celle-ci doit accepter que les femmes puissent participer à tous les ministères. Je vous demande de répondre à l'attente des femmes."* A wéi de Poopst gemengt huet, d'Nonne mißten och neess anert Gezei undin wéi di normal Stierflech, sin der 53 vun hinnen suguer am Sall aus Protest opgestan. Esou Nonnen bräicht d'Kierch nach méi. Statt sech nëmmen mënschlech ze gin (mat klenge Kanner) a vill iwert d'Mënscherechter (an der Welt) ze schwetzen, géng Jean-Paul II. vläicht lues a lues agesin, daß d'Kierch, fier der Welt di Befreiung vum Mënsch, di de Mënschesohn hier bruecht huet, kloer ze man, nach vill muss nohuelen, ier séng Priedegt nët méi hypokritesch a falsch kléngt.

m.p.

De Koschter begrüßt, daß de Friddensnobelpräis dëst Joer der Schwester Teresa vu Calcutta gi gouf, an hofft, daß hiert Wierk nët dat vun enger Persoun bleift. Grad esou begrüßt de Koschter dem Breschnew séng Décisioun, eesäiteg russesch Truppen aus der DDR ofzezéien, an hofft engersäits, daß dëse Geste nëmmen een ëische wor, wann en ëierlech gemengt as, an anersäits, daß de Westen dëse Schrëtt ze honoréiere weess. Dat schéngt de Leitartikler vum L.W. (13. a 15. 10. 1979) nët wëlles ze hun: Hien rifft ganz offen derzou op, di militäresch Positioun vun Westen grad elo weider ze verstärken! An dat schreift e Mann, dee beruflech soll d'evangelescht Gebot vun der Lëift radikal priedegen a liewen, géint all verluge Logik vun de Strategen an Diplomaten. Do schéngt dem Koschter dach, daß dem Emile Rossler säi Saatz vum 19. 10. 1979 méi chrëschtlech as: "Mutter Teresa dient dem Frieden, andere setzen auf Rüstung."

g.

De Koschter seet dem Här Bëschof Merci, daß hien sech sénger Initiative ugeschloss huet, beim Chamberpräsident z'intervenéieren, fier daß ons Chamber de "Vicaria de la Solidaridad" vu Santiago-de-Chile fier de Friddensnobelpräis vierschleít. Leider huet de Chamberpräsident ët nët emol fier nëideg fonnt, op onse Brëif z'entwerten.

m.p.

Dem Koschter as Onerfreelechtes aus dem Vatikan zu Ouere komm. Nom Besuch vum Poopst hat di latäinamerikanesch Bëschofskonferenz (CELAM) zu Puebla a Mexiko bekanntlech en Text publizéiert, deem d'Engagement vun der Kierch fir d'Befreiung vum Mënsch op spirituellem mä och op sozialpolitischem Plang openeits bekräftegt an encouragéiert huet. Dësen Text läit elo an offizieller däitscher Iwersetzung vir, mä an Tëschenzäit gouf en vu vatikaneschen anonymen Zensoren entschuedend verännert, ouni, daß dat en engem Vierwuert géif ernimmt gin. Sou gouf d'Verurteelung vun der südamerikanescher Doktrin vun der nationaler Sécherheet staark ofgeschwächt, aus "institutionalisierter Ongerechtegkeet" gouf z.B. "eng Ongerechtegkeet, di een institutionaliséiert kënnt nennen", di selbstkritesch Gewëssenserfuerschung vun der Südamerikanescher Kierch gouf gestrach, am Plaatz vun de Basismgemeinschaften gët di hierarchesch Struktur vun der Kierch betount, asw. D'Auteure vun där Zensur si wahrscheinlech de neie President vun der CELAM, Lopez Trujillo, an de Kuriekardinoi Baggio, an et as kaum viirstellbar, datt esou eescht Ännerungen un engem wichtigen Text ouni d'Averständnes vum Poopst geschéien. Datt deeselwechte Poopst esou eppes durchléisst - oder ureegt - ouni d'Auteuren, d.h. d'Bëschofskonferenz vun engem ganze Kontinent, ze froen an op där anerer Säit vun enger verstärkter Kollegialitéit matt de Bëschof schwätzt, kënnt dem Koschter nët ganz kathoulesch vir.

csst

DIE Prager Regierung erhält eine Anfrage aus Moskau folgenden Inhalts: Die Moskauer Regierung würde es begrüßen, wenn der Prager St.-Veits-Dom zu Ehren der tschechisch-sowjetischen Freundschaft in «St.-Leonids-Kathedrale» umbenannt würde.

Die Prager Regierung antwortet:

«Der Vorschlag ehrt uns, aber der heilige Leonid ist uns nicht bekannt. Wer war das?»

Die Russen antworten:

«Wie? Ihr kennt unseren Heiligen Leonid Brechnjew nicht?»

«Ach den meint ihr!» antworten die Tschechen.

«Ausgezeichnet! Bitte schickt uns seine Gebeine.»